*Januar 2008*

# AECPT Infobliedchen

***D'Wuert vum Präsident***

*Léif Kollegin, Léiwe Kolleg,*

*Et war ee Joer vu villen Aktivitéite vun ärem Comité. Decisiounen hu misse geholl ginn, ënner anerem dass mir, ewéi dir bestëmmt gemierkt hutt, net bei de Wahlen vum Direktiounsconseil matgemeet hunn. Et war eng Entscheedong, déi mir no laangem Iwwerleeës getraff hunn, an domat och eis Solidaritéit vis-à-vis vun deenen aneren Associatiounen an dem Syndikat gewisen hunn. Ech freeë mech iech weider Explicatiounen op der Generalversammlung ze ginn.*

*De Präsident*
*Fernand Lucius*

## Invitatioun op d'Generalversammlung vun der AECPT

***De Comité invitéiert all eis Memberen häerzlech op eis Generalversammlung den 29. Februar 2008 um 18.30***

**Caisse compensatoire**

Wéi mir schonns am leschten Infobliedchen ugedeit hunn, si leider eis Recette vun der Lotterie an esou engem grousse Mooss zréckgaangen, dass mir, fir de Budget am Gläichgewiicht ze behalen, fir 2007 leider manner ausbezuele kënnen. Weider Informatioune kritt dir op eiser Generalversammlung.

# Besicht och ons Internetsäit op www.aecpt.lu

Säit 2 Joer bedreiwt d'A.E.C.P.T. hiren Internet-Site an et ass lo déck Zäit ginn fir eiser Homepage en neit Gesiicht ze ginn.
Nieft engem neien a frëschen Design, hu mer och verschidde Partiën zesumme regroupéiert, wéi zum Beispill ënner "Association" fënnt een elo alles iwwer eis selwer, vun der Presentatioun vum Comité iwwert en Online-Formulaire, wann der gäer Member gitt.
Eng ganz nei Säit hu mer awer och bäigesat: nämlech "Section Protégée". Dës Säit ass geschützt mat engem Passwuert, an ass nëmmen do fir d'Memberen vun der A.E.C.P.T.! Op dëser Säit fannt dir e Forum, wou der och selwer kënnt dra schreiwen, an eng Sectioun wou der lech kënnt di aktuell Avancements-Lëscht eroflueden.
Fir sou e Passwuert ze kréien, geet et duer, wann der op www.aecpt.lu op d'Säit "Section Protégée" gitt, an de Formulaire "Demande d'accès" ausfëllt a fortschéckt!

## De Späizmännchen

Et schéngt jo elo mat eiser Post ganz fierchterlech biergof ze goen!! Kuckt emol ären Neijoeschdaagscadeau.

Et gesäit esou aus, eréi wann all Postugestallten de Kuerf kritt hätt.....

**De Comité freet sech iech all op der Generalversammlung ze gesinn**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LUCIUS | FERNAND | Président | | | luciusf@pt.lu |
| LAURES-SCHEER | MONIQUE | Vice-présidente | 621 131 021 | 4088-7074 | Monique_Scheer@ept.lu |
| RUCKERT | CLAUDE | Sécrétaire | 621 776 520 | 4088-7363 | Claude_Ruckert@ept.lu |
| MULLER | MARCO | Trésorier | | | marquem@pt.lu |
| CONTER | TANIA | Adjoint au sécrétaire | 621 620 508 | 26200009 | Tania_Conter@ept.lu |
| STAAR | VICTOR | Responsable informatique | 621 135 670 | 4088-7237 | Victor_Staar@ept.lu |
| MULLER | ALEX | Loterie nationale | | | lexmu@pt.lu |
| KOHNER | TOM | Internet Homepage | | 4088-7250 | Tom_Kohner@ept.lu |
| WEIGEL | CHRISTOPHE | Internet Homepage | | | chriswei@pt.lu |
| SCHON | JEAN-PIERRE | | | | schon@pt.lu, |
| BUCHLER | PAUL | | | 4991-5294 | Paul_Buchler@ept,lu |

**Association des Expéditionnaires et Commis des P. & T.**
**Boîte Postale 1155**
**L-1011 Luxembourg**
**Tel.: 4765-4231 / 4088-7363**
**www.aecpt.lu**

Nächst Infobliedchen esoubal mir eppes Neies matzedeelen hunn